# SEXUELL GEWALT KLOER BENENNEN.

E Guide fir déi Professionell,
déi mat Kanner oder Medie schaffen

LU



**Impressum**

**Redaktioun:**
ECPAT Luxembourg;
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Dëse Guide ass aus der Zesummenaarbecht tëschent dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse an ECPAT Luxembourg entstanen a steet an der Suite vum Online-Event *Le pouvoir des mots – Comment parler des violences sexuelles contre les enfants* aus dem Joer 2021, wou d'Iddi zu dësem Dokument bestäerkt gouf.

De Guide ass entstane mat der wäertvoller Ënnerstëtzung vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch.

Wann am Text de grammatesche Maskulinum benotzt gëtt, ass dësen als neutral Form geduecht, deen d'Lieserlechkeet vereinfache soll.

**ISBN:** 978-99959-0-823-2

**Layout:** Moskito
**Drock:** Reka

©12/2022 ECPAT Luxembourg
All Rechter virbehalen.

ecpat.lu

**Stand vun de Linken a Verweiser:**
Dezember 2022.

*ECPAT Luxembourg iwwerhëlt keng Haftung fir d'Inhalter vun de Websäiten, op déi verwise gëtt.*

**Sexuell Gewalt kloer benennen.**
**E Guide fir déi Professionell, déi mat Kanner oder Medie schaffen.**

## Ännerungen

Zanter der Redaktioun vum Guide huet déi lëtzebuergesch Gesetzgeebung geännert.

D'Gesetz vum 7. August 2023[1] „**portant modification : 1° du Code pénal ; 2° du Code de procédure pénale**", fir d'„**moyens de lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des mineurs**" ze verstäerken, dat den 22. August 2023 a Kraaft getrueden ass, féiert zu Ännerungen am Text vun dësem Guide, besonnesch fir d'Kapitelen:

- <u>„Awëllegung" op der Säit 7</u>

Den Artikel 2 vum neie Gesetz definéiert d'Notioun vun der Awëllegung a féiert eng spezifesch Klausel iwwer d'Zoustëmmung tëschent Teenageren an de Code pénal an.
De legalen Alter, fir enger sexueller Bezéiung zouzestëmmen, bleift bei 16 Joer. Nei am Code pénal ass eng Altersdifferenzklausel (allgemeng bekannt als „Romeo-a-Julia-Klausel") fir konsensuell sexuell Bezéiungen tëschent Teenager (ausserhalb vum Vertrauenskrees) vun 13 Joer un, déi eng Altersdifferenz vu maximal 4 Joer hunn. Dat heescht, datt konsensuell sexuell Bezéiungen tëschent zwee Teenager vu minimum 13 a maximum 17 Joer, minimum 14 a maximum 18 Joer, a minimum 15 a maximum 19 Joer net vum Gesetz bestrooft ginn.

[1] Vollstännegen Text vum Gesetz: https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2023/08/07/a520/jo

**§ Auszuch aus dem Gesetz:**
***Art. 2.***
*Au livre II, titre VII, chapitre V, du Code pénal, il est inséré un article 371-2 nouveau, libellé comme suit :*
*« Art. 371-2.*
*Le consentement à un acte sexuel est apprécié au regard des circonstances de l'affaire. Il ne peut pas être déduit de l'absence de résistance de la victime.*
*Le consentement peut être retiré à tout moment avant ou pendant l'acte sexuel.*
*Dans les cas des articles 372bis et 375bis, le mineur de moins de seize ans est réputé ne pas avoir la capacité de consentir à l'acte sexuel. Toutefois, un mineur qui a atteint l'âge de treize ans accomplis mais pas l'âge de seize ans, peut consentir librement si la différence d'âge avec l'autre personne n'est pas supérieure à quatre ans. »*
*Dans les cas des articles 372ter et 375ter, le mineur est réputé ne pas avoir la capacité de consentir à l'acte sexuel.*

- „Vergewaltegung" op der Säit 8

Den Artikel 7 vum neie Gesetz erweidert d'Notioun vun der sexueller Penetratioun/Vergewaltegung vu Mannerjäregen an och vun de Persounen, un deenen esou en Akt kéint virgeholl ginn, ënner anerem och, fir Handlungen, déi um digitalen/online Niveau passéieren, mat ze consideréieren.
Zum Beispill: D'Strofdot „Vergewaltegung" enthält elo net méi just den net konsensuellen Akt vun enger sexueller Penetratioun vum Affer duerch en Täter, mee och all net konsensuell sexuell Penetratioun, déi d'Affer gezwongen ass u sech selwer, dem Täter oder enger drëtter Persoun duerchzeféieren. Zousätzlech gëtt d'Vergewaltegung vu Mannerjäregen duerch Persounen aus hirem Vertrauenskrees net méi als Circonstance aggravante ugesinn, mee als eegestänneg Infraktioun.

**§ Auszuch aus dem Gesetz:**

***Art. 7.***

*À la suite de l'article 375 du même code, sont insérés les articles 375bis et 375ter nouveaux, libellés comme suit :*

*« Art. 375bis.*

*Tout acte de pénétration sexuelle de quelque nature qu'il soit, et par quelque moyen que ce soit, qu'il soit de nature vaginale, anale, ou buccale, à l'aide notamment du sexe, d'un objet ou d'un doigt, commis sur un mineur de moins de seize ans ou à l'aide d'un mineur de moins de seize ans, y compris lorsque le mineur de moins de seize ans est amené à commettre l'acte sur son propre corps ou sur le corps d'une tierce personne, qu'il y consente ou non, sera puni de la réclusion de dix à quinze ans.*

*Toutefois, un mineur qui a atteint l'âge de treize ans accomplis mais pas l'âge de seize ans, peut consentir librement si la différence d'âge avec l'autre personne n'est pas supérieure à quatre ans.*

*Art. 375ter.*

*(1) Tout acte de pénétration sexuelle, de quelque nature qu'il soit, et par quelque moyen que ce soit, qu'il soit de nature vaginale, anale, ou buccale, à l'aide notamment du sexe, d'un objet ou d'un doigt, commis sur un mineur ou à l'aide d'un mineur, y compris lorsque le mineur est amené à commettre l'acte sur son propre corps ou sur le corps d'une tierce personne, qu'il y consente ou non, par l'auteur lorsque celui-ci est l'un des parents, un ascendant légitime, naturel ou adoptif, toute personne en ligne collatérale jusqu'au troisième degré ou tout allié jusqu'au troisième degré, sera puni de la réclusion de vingt à trente ans.*

*(2) La même peine que celle prévue au paragraphe 1er s'applique lorsque l'acte de pénétration sexuelle est commis par la personne avec laquelle les personnes mentionnées au paragraphe 1er vivent ou ont vécu habituellement, par toute personne ayant autorité sur la victime mineure, par une personne qui abuse de l'autorité que lui confèrent ses fonctions, d'une position reconnue de confiance ou d'influence, ou par toute personne à laquelle le mineur a été confié et qui a la charge du mineur. »*

- „Material vu sexuellem Kannermëssbrauch“ op der Säit 14

Den Artikel 383bis vum Code pénal gëtt ëmformuléiert duerch den Artikel 10 vum neie Gesetz, deen eng eegestänneg Infraktioun schaaft, déi souwuel d’Produktioun, den Transport an d’Verbreedung vu Messagë mat gewaltsamem oder pornografeschem Inhalt oder vu Messagen, déi d’Dignitéit vum Mënsch schwéier verletzen, wéi och den Handel mat esou Messagen, déi Mannerjäreger duerstellen oder an déi Mannerjäreger verwéckelt sinn, kriminaliséiert, an dëst onofhängeg dovun, ob dee Message vun engem Mannerjärege gesinn oder erfaasst gëtt oder net.

**§ Auszuch aus dem Gesetz:**
***Art. 10.***
*L’article 383bis, alinéa 1er, du même code, prend la teneur suivante :*
*« Le fait soit de fabriquer, de transporter, de diffuser par quelque moyen que ce soit et quel qu’en soit le support un message à caractère violent ou pornographique ou de nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine, soit de faire commerce d’un tel message, impliquant ou présentant des mineurs ou une personne particulièrement vulnérable, notamment en raison de sa situation administrative illégale ou précaire, d’un état de grossesse, d’une maladie, d’une infirmité ou d’une déficience physique ou mentale, sera puni d’un emprisonnement d’un à cinq ans et d’une amende de 251 à 75.000 euros. »*

Méi Informatiounen zu den Ännerungen, déi dat neit Gesetz mat sech bréngt, sinn hei ze fannen:
https://mj.gouvernement.lu/fr/dossiers/2023/abus-et-violences-sexuels.html

ecpat LUXEMBOURG

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse



# Inhalt

**Inhalt** 3

**1. Aféierung** 4
1.1. Firwat dëse Guide ? 4
1.2. Wéi eng Informatioune stinn an dësem Guide? 5

**2. E puer geleefeg Begrëffer** 6
2.1. Awëllegung 7
2.2. Vergewaltegung 8
2.3. Sexuell Ausbeutung vu Kanner 10

**3. E puer rezent Begrëffer** 11
3.1. Pedokriminalitéit - pedokriminell 12
3.2. Material vu sexuellem Kannermëssbrauch 14
3.3. Sexuell Ausbeutung vu Kanner am Kader vu Reesen an Tourismus 17
3.4. Grooming 18
3.5. Upskirting 19

**4. Mellen – Signalement** 20

**5. Nëtzlech Telefonsnummeren an Internetsäiten** 22

# 1. Aféierung

## FIRWAT DËSE GUIDE?

D'Wierder, déi mir benotzen, si wichteg. D'Aart a Weis, op déi eng Ausso formuléiert gëtt, léist beim Empfänger eng Virstellung an e Verständnis aus. Am Kontext vu sexueller Gewalt géint Kanner ka mat der Ausso e Fait oder Akt verharmloost oder eng Persoun jugéiert ginn.

An engems ass et wichteg, e gemeinsaamt Verständnis vun deene selwechte Wierder ze hunn. Dat richtegt Benennen erméiglecht en adaptéiert Handelen.

Dëse Guide soll dobäi eng Hëllef sinn, andeem verschidde Begrëffer a Konzepter virgestallt ginn, déi an den Diskussioune ronderëm sexuell Gewalt géint Kanner ëmmer erëm virkommen, deenen hir Bedeitung awer eventuell net ganz kloer ass oder déi ënnerschiddlech verstanen an agesat ginn.

E wëll och eng Partie nei Begrëffer aféieren a verbreeden, déi verschidde Forme vu sexueller Gewalt géint Kanner besser beschreiwe wéi Begrëffer, déi bis elo benotzt goufen. Dobäi bezitt e sech zu engem Deel op d'Luxembourg Guidelines[1] a gräift eng Partie Wierder op, déi méi rezent am Beräich vum Kannerschutz diskutéiert ginn.

D'Zil vun dësem Dokument ass et, zu engem méi eenheetleche Verständnis vun dëse Begrëffer an hirer Verbreedung bäizedroen. Andeem dës Wierder am berufflechen Alldag oder an der ëffentlecher Diskussioun ëmmer méi benotzt ginn, ka méi e bewossten Ëmgang mam Theema vun der sexueller Gewalt géint Kanner geschafe ginn.

[1]https://ecpat.org/luxembourg-guidelines/

# WÉI ENG INFORMATIOUNE STINN AN DËSEM GUIDE?

An dësem Guide gi verschidde Fachbegrëffer a Konzepter aus dem Beräich vun der sexueller Gewalt géint Kanner virgestallt an hir Bedeitung erkläert. Et ginn och Wierder an Ausdréck opgegraff, déi aktuell vun de Professionellen am Kannerschutzberäich ëmmer méi heefeg benotzt ginn, fir vu verschiddene Forme vu sexueller Gewalt géint Kanner ze schwätzen.

E puer vun dëse Begrëffer ginn als Alternativen zu wäit verbreeten Termen diskutéiert. Mat Bléck op de Schutz vun de Kanner soll hir Plus-value géintiwwer deene wärend laanger Zäit benotzte Begrëffer an dësem Guide ervirgehuewe ginn.

D'Dokument bezitt sech op de Kontext vu Gewaltdote géint Mannerjäreger, dofir sinn eventuell Informatiounen, déi fir betraffen erwuesse Persoune relevant wieren, net ëmmer uginn, och wa verschidde Begrëffer net nëmmen op Gewaltdote géint Kanner begrenzt sinn.

An dëser Publikatioun bezitt de Begrëff vun der sexueller Gewalt géint Kanner sech op all sexuell Handlung, déi u Kanner a Jugendleche virgeholl gëtt oder bei där se gezwonge ginn, nozekucken oder se u sech selwer an un anere Persoune virzehuelen, an deene si opgrond vun hirem Alter an hirer kierperlecher, séilescher, intellektueller oder sproochlecher Ënnerleeënheet net bewosst kënnen zoustëmmen.

Wann e Begrëff als Strofdot am Code pénal (CP) definéiert ass, ass de betreffenden Artikel hanner dem Symbol ⚖ uginn.

Wann e Begrëff en engleschen Ursprong huet oder den engleschen Ausdrock geleefeg ass, ass seng Bedeitung hanner dem Symbol EN erkläert.

Dëse Guide erhieft net den Usproch, komplett ze sinn. D'Auswiel vun de Begrëffer huet sech haaptsächlech dorun orientéiert, ob se vill benotzt ginn an ob se eventuell an de Gesetzer festgehale sinn. Den Ament vun der Redaktioun goufen nei Gesetzesprojeten diskutéiert, déi d'Verständnis vu verschiddene Begrëffer, déi hei opgegraff sinn, wäerte veränneren. Dës Entwécklunge konnten net mat afléisse gelooss ginn.

# 2. E puer geleefeg Begrëffer



# AWËLLEGUNG

Seng Awëllegung ginn, heescht, enger Aktioun bewosst zoustëmmen oder, einfach ausgedréckt, „Jo" soen. Am Kontext vu sexuellen Aktivitéiten heescht dat, datt all d'Sexualpartner zu all Ament mat deem, wat geschitt, averstane sinn.

Wann eng Persoun net haart „Nee!" seet oder sech net kierperlech géint eng Aktioun wiert, heescht dat net automatesch, datt dës Persoun mat deem averstanen ass, wat deen Ament passéiert.

**Eng Awëllegung ass eng bewosst a fräi Entscheedung.**
**Wann eng Persoun bedreet oder ënner Drock gesat gëtt, oder ënner Alkohol- oder Drogenafloss steet, gëtt si op kee Fall hir bewosst Awëllegung zu enger Handlung.**

D'Awëllegung kann och zu all Ament zeréckgezu ginn. Wann eng Persoun am Ufank domat averstanen ass, eng gewëssen Aktioun matzemaachen, ka si wärenddeems hir Meenung änneren. Deen Ament muss dat direkt an zu 100 % respektéiert ginn.

**Seng Awëllegung ginn, heescht bewosst a fräi Jo soen.**
**Kanner ënner 16 Joer kënnen ni hir rechtsméisseg Awëllegung zu sexuellen Aktivitéite ginn.**

## OPPASSEN!

Zu Lëtzebuerg ass den *Âge de consentement*, also den Alter, vun deem un ee legal seng Awëllegung zu sexuellen Handlunge ka ginn, op **16 Joer** festgeluecht. All Kand **ënner 16 Joer kann also ni seng rechtsméisseg Awëllegung** zu sexuellen Aktivitéite ginn.

Dat bedeit, datt all Persoun, déi sexuell Aktivitéite mat engem Kand ënner 16 Joer ënnerhëlt, sech strofbar mécht.

## GUTT ZE WËSSEN

Dës Reegele si virun allem do, fir Kanner viru sexueller Gewalt ze schützen.

# VERGEWALTEGUNG

CP Art. 375

D'Lëtzebuerger Gesetz definéiert d'Vergewaltegung als all Form vu sexueller Penetratioun, déi, egal wéi oder woumat se duerchgefouert gëtt, ouni d'Awëllegung vun der betraffener Persoun stattfënnt.

**Wann eng Persoun eng aner Persoun ouni där hir Awëllegung sexuell penetréiert, geschitt eng Vergewaltegung.**

## OPPASSEN!

Wann e Kand ënner 16 Joer sexuell aggresséiert gëtt an et zu enger sexueller Penetratioun kënnt, dann ass dat eng Vergewaltegung.

Wann e Kand ënner 16 Joer sexuell aggresséiert gëtt an et net zu enger sexueller Penetratioun kënnt, mee d'Penetratioun versicht gëtt, ass dat eng versichte Vergewaltegung.

Wann dëst mat manner klore Wierder ëmschriwwe gëtt, gëtt den Eescht vun där Strofdot, déi geschitt ass, banaliséiert.

## GUTT ZE WËSSEN

- Fäll, an deene Kanner Affer vu Vergewaltegung oder versichter Vergewaltegung sinn, musse bei der Police oder dem Parquet gemellt ginn. Dëst gëllt och fir Fäll, an deenen e Verdacht besteet. Méi Informatioune stinn am Kapitel ***„Mellen – Signalement" (Säit 21)***.
- Beim SAV – ***Service d'Aide aux Victimes vum Service Central d'Assistance Sociale (SCAS)*** vum Parquet général kréie Kanner an Erwuessener, déi Affer oder Zeie vu Strofdote gi sinn, psychologesch a psychotherapeutesch Betreiung, Informatiounen iwwer d'Rechter vun Affer an aner Hëllef.



# SEXUELL AUSBEUTUNG VU KANNER

CP Art 379, 382-1

Et gëtt vu sexueller Ausbeutung geschwat, wann e Kand gezwongen ass, sexuellen Aktivitéiten zouzestëmmen, fir déi et eng Géigeleeschtung (versprach) kritt. Dëst kënne Suen oder Iessen, en Ënnerdaach, Schutz asw. sinn.

Wann en Echange stattfënnt, ass et net onbedéngt d'Kand, dat dës Géigeleeschtung kritt. Et kann eng Drëttpersoun sinn, déi vun der Ausbeutung vum Kand profitéiert.

Et muss och net onbedéngt zum Echange kommen. D'Versprieche vun enger Géigeleeschtung geet duer, fir datt ee vu sexueller Ausbeutung ka schwätzen.

**Wann e Kand duerch seng prekär Situatioun (Aarmut, Liewen op der Strooss, Verloscht oder Krankheet vun den Elteren o. Ä.) derzou gezwongen ass, sexuell Handlunge fir Geld unzebidden, handelt et sech ëm e Fall vu sexueller Ausbeutung, well vun der Noutsituatioun, an där d'Kand sech befënnt, profitéiert gëtt.**

**De Begrëff sexuell Ausbeutung vu Kanner ënnersträicht, datt d'Kand zu enger Wuer gëtt.**

## OPPASSEN!

De Begrëff benennt eng spezifesch Kategorie vu sexueller Gewalt géint Kanner. En ënnersträicht, datt vun der vulnerabeler Situatioun vum Kand profitéiert gëtt an d'Kand zu enger Wuer gemaach gëtt, déi ee ka kafen.

E Beispill an deem Kontext wier, vu sexueller Ausbeutung vu Kanner an net vun der Prostitutioun vu Kanner ze schwätzen. Dësen Term ass ze ecartéieren.

## GUTT ZE WËSSEN

- D'Ausbeutung an der Prostitutioun ass eng vun den heefegste Forme vu sexueller Ausbeutung vu Kanner. Aner verbreete Forme sinn de Mënschenhandel mam Zil vun der Ausbeutung, de Besëtz, d'Produktioun an d'Verbreede vu *Material vu sexuellem Kannermëssbrauch* *(Säit 14)* an d'sexuell Ausbeutung op Reesen an am Tourismus.

- Sexuell Ausbeutung vu Kanner gëtt et iwwerall op der Welt. Zu Lëtzebuerg kënnt se haaptsächlech am Kontext vum Besëtz, der Produktioun an dem Verbreede vu Material vu sexuellem Kannermëssbrauch am Internet vir.

# 3. E puer rezent Begrëffer



# PEDOKRIMINALITÉIT – PEDOKRIMINELL

De Begrëff „Pedokriminalitéit“ setzt sech aus de Wierder „Pedo“ a „Kriminalitéit“ zesummen. D'Wuert „Pedo“ kënnt aus dem Algriicheschen a leet sech vum Wuert „pais“ („Kand“) of. Et bedeit esou vill wéi „am Zesummenhang mat Kanner“.

A Kombinatioun mam Wuert „Kriminalitéit“ gëtt also ënnerstrach, datt et sech ëm Verbrieche géint Kanner handelt.

**De Begrëff Pedokriminalitéit ënnersträicht, datt d'Gesetz gebrach gëtt an e Verbrieche géint e Kand geschitt.**

### OPPASSEN!

Meeschtens gëtt vu Pedophilie oder pedophillen Täter geschwat, wann et ëm sexuell Gewalt géint Kanner geet. Dës Begrëffer beschreiwen d'Situatioun a ville Fäll awer net passend.

Pedophilie ass e kloer definéierte Begrëff aus der Psychiatrie. E beschreift eng Stéierung am Sexualverhale bei erwuessenen oder jugendleche Persounen, déi sech sexuell zu Kanner, déi nach net an der Pubertéit sinn, higezu fillen, woubäi den Altersënnerscheed bei méi wéi 5 Joer läit.

**Wa beispillsweis en Erwuessenen e Jugendleche vu 15 Joer sexuell aggresséiert, kann een net vun engem pedophillen Täter schwätzen. D'Affer ass net prepubertär, esou datt den Täter net an de kloer definéierte Kader vun enger pedophiller Stéierung fält.**

Et ass gewosst, datt d'Täter a ville Fäll vu sexueller Gewalt géint Kanner net pedophil sinn, mee aus anere Grënn handelen, zum Beispill fir Muecht iwwer d'Affer auszeüben.

Gewosst ass och, datt net all Persoun, déi pedophil ass, Kanner aggresséiert. Dofir ass et wichteg, tëschent de Verbrieche géint Kanner, d. h. der Pedokriminalitéit, an der Stéierung Pedophilie ze ënnerscheeden.

**Eng Persoun, déi sech sexuell zu Kanner, déi nach net an der Pubertéit sinn, higezu fillt, ass pedophil. Eng Persoun, déi e Kand tëschent 0 an 18 Joer sexuell aggresséiert, ass pedokriminell.**

## GUTT ZE WËSSEN

De Begrëff „Pedophil" kënnt aus dem Algriicheschen an hat ursprénglech d'Bedeitung „Frënd vun de Kanner". Dëst mécht d'Benotze vun deem Begrëff am Kontext vu sexueller Gewalt géint Kanner ëmsou méi problematesch.
E sexuellen Iwwergrëff ass e Verbrieche géint Kanner an net en Akt vu Frëndschaft oder Léift.



# MATERIAL VU SEXUELLEM KANNERMËSSBRAUCH

CP Art. 383bis, 383ter, 384

EN Child Sexual Abuse Material (CSAM)

Den Ausdrock „Material vu sexuellem Kannermëssbrauch" bezeechent Duerstellunge vu sexueller Gewalt géint Kanner. En ënnersträicht de gewalthaltegen an illegalen Inhalt vun dësem Material.

**De Begrëff Material vu sexuellem Kannermëssbrauch ënnersträicht, datt et sech ëm sexuell Gewalt géint Kanner handelt.**

## OPPASSEN!

Dëse Begrëff beschreift dat, wat mat de Kanner hei geschitt, méi prezis wéi den Term „Kannerpornografie".

D'Wuert „Kannerpornografie" verharmloost d'Realitéit, well et implizéiert, datt et sech heibäi ëm eng Form vu Pornografie kéint handelen. Pornografie mat erwuessene Schauspiller, déi hir Awëllegung zum Dréi ginn hunn, an déi vun Erwuessene gekuckt gëtt, ass zu Lëtzebuerg legal.

De Begrëff „Kannerpornografie" suggeréiert also, datt eppes Legales mat de Kanner geschitt a si do fräiwëlleg matmaachen. Dat ass awer net de Fall. Et geet ëm Kanner, déi sexueller Gewalt ausgesat sinn. Grondsätzlech kann e Mannerjäregen ënner 16 Joer net seng ***Awëllegung (Säit 7)*** zu sexuellen Aktivitéite ginn, a sexuell Representatioune vu Mannerjärege bis 18 Joer sinn ëmmer illegal.

D'Bezeechnung „Kannerpornografie" soll aus dëse Grënn ecartéiert ginn.

## GUTT ZE WËSSEN

- D'Kucken, de Besëtz, d'Produktioun an d'Verbreedung vu Material vu sexuellem Kannermëssbrauch sinn illegal.
- ECPAT Luxembourg weist dorop hin, datt dës Verbriechen am Lëtzebuerger Code pénal nach als *„écrits, imprimés, images, photographies, films ou autres objets à caractère pornographique impliquant ou présentant des mineurs"* bezeechent ginn.

**Zu Lëtzebuerg kann CSAM bei der *BEE SECURE Stopline* gemellt ginn.**





# SEXUELL AUSBEUTUNG VU KANNER AM KADER VU REESEN AN TOURISMUS

Dësen Ausdrock ënnersträicht, datt Kanner sexuell ausgebeut ginn, a beschreift de spezifesche Kontext, an deem dës Ausbeutung stattfënnt. Dobäi gëtt vun der Infrastruktur vum Tourismussecteur profitéiert, fir dat ze maachen. Zu dëser Infrastruktur zielen zum Beispill d'Hoteller, d'Restauranten an d'Baren, mee och d'Tatsaach, datt déi jeeweileg Destinatioune wéinst grousser Nofro gutt ze erreeche sinn.

D'sexuell Ausbeutung kann och am Kontext vu Geschäftsreesen, längeren Auslandsopenthalter oder Deplacementer bannent engem Land stattfannen. Den Ausdrock hieft deemno och ervir, datt dës Ausbeutung net just duerch Touristen aus anere Länner, mee och duerch einheimesch Touristen, Persounen op Geschäftsrees oder Laangzäitgäscht stattfënnt.

**Den Ausdrock sexuell Ausbeutung vu Kanner am Kader vu Reesen an Tourismus ënnersträicht, datt et sech ëm sexuell Gewalt géint Kanner handelt.**

## OPPASSEN!

Dacks gëtt de Begrëff „Sextourismus" gebraucht, fir dës Verbriechen ze beschreiwen.

Sech ze deplacéieren, fir Kanner sexuell auszebeuten, ass awer keng Form vun Tourismus. Et ass net dat selwecht wéi beispillsweis Kulturtourismus, wou et dorëm geet, ze verreesen a vun der diverser kultureller Offer op der Plaz ze profitéieren. Hei geet et ëm sexuell Gewalt géint Kanner, déi am Kader vu Reesen an Tourismus stattfënnt.

De Begrëff „Sextourismus" ass dowéinst ze vermeiden.

## GUTT ZE WËSSEN

Wann Dir verreest an eng Situatioun gesitt, an där e Kand riskéiert, Affer vu sexueller Ausbeutung ze ginn, kënnt Dir dat op der Internetsäit **childprotection.lu** mellen.

# GROOMING

CP Art. 385-2 EN Grooming = preparéieren, virbereeden

Mat dësem Begréff gëtt e Prozess beschriwwen, bei deem eng Persoun vun iwwer 16 Joer Kontakt zu Kanner ënner 16 Joer ophëlt, mam Zil, dës spéider zu sexuellen Handlungen ze iwwerrieden. Dat ka beispillsweis d'Verschécke vu sexuell explizittem Bildmaterial sinn oder d'Opfuerderung zu engem Treffen, wou et zu engem sexuellen Iwwergrëff ka kommen. De Kontakt kann online oder offline opgeholl ginn.

Et kann dobäi virkommen, datt eng erwuesse Persoun sech dobäi hanner enger falscher Identitéit verstoppt a sech fir en anert Kand oder en anere Jugendlechen ausgëtt, fir d'Vertraue vum Affer méi liicht ze gewannen.

Dee Prozess ka sech iwwer e längeren Zäitraum vu Wochen oder Méint hinzéien. Et kann awer och sinn, datt d'Kand ganz séier zu sexuellen Handlungen opgefuerdert gëtt.

## GUTT ZE WËSSEN

- Grooming ka sech och op d'Ëmfeld vun de Kanner, d'Elteren, d'Erzéiungsberechtegt oder d'Famill bezéien. An deem Fall gëtt d'Ëmfeld vum Kand manipuléiert, fir Situatiounen ze schafen, déi Iwwergrëffer erméiglechen an de Verdacht oflenken.

- Grooming ass eng Strofdot a ka bei der Police ënner der Telefonsnummer 113 oder per ***Online-Formulaire*** iwwer hiren Internetsite gemellt ginn.

- Bei Froen oder Onsécherheeten zu allem, wat de sécheren Ëmgang mam Internet ugeet, ass d'***BEE SECURE Helpline*** do: 8002 1234.

# UPSKIRTING

CP Art. 385ter

EN Upskirting = ënner der Jupe no uewen

Gemengt si Foto- oder Videoopnamen, déi vun enger Persoun hirem Intimberäich gemaach ginn, ouni hiert Wëssen oder hir Awëllegung. Dës Opname riskéieren duerno, ëffentlech gedeelt ze ginn.

Beim Upskirting entbléissen d'Täter Kierperdeeler oder Kleedungsstécker, déi u sech vun (aneren) Kleedungsstécker bedeckt sinn, andeem si deene betraffene Persoune mam Handy ënner d'Jupe fueren. Fir dat ze maachen, ginn och heiansdo Selfiesticke benotzt.

Typesch Situatiounen, an deenen et zum Upskirting ka kommen, sinn zum Beispill heemlech Opnamen ënner dem Dësch, beim Trapegoen oder am Gedréck an engem volle Bus, Zuch oder Tram.

## OPPASSEN!

Wichteg ass, datt déi betraffe Persoun dës Kierperberäicher net fräiwëlleg der Ëffentlechkeet wollt weisen, vu datt si se (z. B. mat Kleeder) bedeckt huet.

## GUTT ZE WËSSEN

Upskirting ass zu Lëtzebuerg säit 2021 gesetzlech verbueden. Mat deem selwechte Gesetz sinn och heemlech Opname vun enger Persoun, déi sech an engem zouene Raum befënnt, verbuede ginn.

# 4. Mellen – Signalement



# MELLEN – SIGNALEMENT

Mellen heescht Informatiounen, déi een zu engem eventuelle Fall vu sexueller Gewalt géint Kanner huet, un déi zoustänneg Autoritéite weiderleeden.

Zu Lëtzebuerg besti verschidde gesetzlech Bestëmmungen, déi d'Melle vu Fäll vu sexueller Gewalt géint Kanner obligatoresch maachen:

**Code de procédure pénale, Art. 23: Jiddwereen, deen eng ëffentlech Funktioun ausüübt an am Kader vun där Funktioun eng verdächteg Situatioun, déi eng Strofdot kéint duerstellen, beobacht, muss dat mellen.**

**Code pénal, Art. 410-1: All Bierger ass derzou verflicht, enger anerer Persoun a Gefor ze hëllefen, wann dobäi keng Gefor fir dat eegent Liewe besteet.**

**Code pénal, Art. 140: All Bierger ass derzou verflicht, der Justiz beim Verhënnere vu méigleche schlëmme Strofdoten ze hëllefen. Wann ee vun enger schlëmmer Strofdot weess an d'Konsequenze ka verhënneren, andeem een et mellt, muss een dat maachen.**

Wat respektiv wéi séier eng Beobachtung soll gemellt ginn an u wien, hänkt vum Eescht vun der Situatioun an der besteeënder Gefor fir d'Kand of. Eng gutt Hëllef bei der Orientéierung bitt d'Broschür ***Maltraitance de mineur : Procédures à suivre par les professionnels de l'Enfance et de la Jeunesse.***

Wann e Kand sech engem uvertraut oder kloer Zeeche vu sexueller oder physescher Gewalt opweist, ass dëst direkt beim ***Parquet – Protection de la jeunesse*** ze mellen.

# 5. Nëtzlech Telefonsnummeren an Internetsäiten



# TELEFONSNUMMEREN

**Signalementer**

*Parquet Luxembourg – Protection de la jeunesse:* **47 59 81 - 2259**
oder Noutruffnummer vun der Police: **113**

Parquet Diekirch – Protection de la jeunesse: **80 32 14 - 42**
oder Noutruffnummer vun der Police: **113**

**Spezialiséiert therapeutesch Servicer fir mannerjäreg Affer vu sexueller Gewalt**

*Alternatives (Pro Familia):* **51 72 72 500**

*Association luxembourgeoise de pédiatrie sociale (Alupse ASBL):* **26 18 48 - 1**

*Croix-Rouge – Service Psy-Jeunes:* **27 55 6300**

*Femmes en détresse ASBL – Service S-PSYea:* **26 48 20 50**

*Parquet général – Service d'aide aux victimes:* **47 58 21 - 605/627/628/689/671/625**

# INTERNETSÄITEN

**Fir sexuell Gewalt géint Kanner ze mellen**

*Parquet – Protection de la jeunesse:*
***https://justice.public.lu/fr/famille/protection-jeunesse.html***

**Fir Material vu sexuellem Kannermëssbrauch ze mellen**

*BEE SECURE Stopline:* ***stopline.bee-secure.lu/fr/***

**Fir d'sexuell Ausbeutung vu Kanner am Kader vu Reesen an Tourismus ze mellen**

***Childprotection.lu***

**Fir Acteuren aus dem Hëllefsreseau nozesichen**

*Cesas – Liste des acteurs et institutions:*
***https://www.cesas.lu/fr/liste.php***

*Offizielle Portal mat Detailer iwwer de besteeënde Reseau vun Hëllefsdéngschter:*
***https://violence.lu/je-subis-de-la-violence/#contacts***

ecpat
LUXEMBOURG

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse